# E STAARKT EUROPA.

Das Europa-Wahlprogramm
der CSV in 12 Prioritäten

CSV

## „HOFFNUNG IST KEINE PROGNOSTIK. SIE IST EINE ORIENTIERUNG DES GEISTES, EINE AUSRICHTUNG DES HERZENS. (...)“

*Václav Havel*

## ENG RICHTUNGSWAL AM JUNI

Krich a Kris weltwäit an an Europa. Vill Beobachter schwätze vu Polykrisen, Zäsuren an Zäitewend. Vill Leit zweifelen un enger besserer Zukunft. Vill zweifelen och un Europa. Mir net. Europa ass a bleift eis bescht Optioun fir eng besser Zukunft.

Mir brauchen e moderniséiert Europa. En Europa, dat d'Leit mathëlt, wou se sinn. En Europa net nëmme vu Prinzippien, mä virun allem en Europa vum Alldag. En Europa als Problemléiser. En Europa als Quell vun Zouversiicht.

**Vun engem Friddensprojet zu enger Friddensmuecht**

Aus dem Friddensprojet muss eng Friddensmuecht ginn. An Europa si Fräiheet a Gerechtegkeet, Wäerter a legitim Interessen zwou Säite vun enger Politik mat de Leit am Mëttelpunkt. D'europäescht Haus ass op engem humanistesche Fundament gebaut. Angscht ass dowéinst e schlechte Beroder. Mir wëllen nei Zouversiicht fir Europa.

**Dauer-Krisenzoustand endlech iwwerwannen**

Europa muss säi permanente Krisenzoustand iwwerwannen. Éischtens, déi hausgemaachte Kris mat neiem Selbstvertrauen. Mat Doten amplaz Wierder. Awer och an de globale Krisen, déi sech zanter 2008 accumuléieren, kann Europa net nëmmen e Spectateur sinn. E gestäerkt a krisefest Europa muss méi aktiv ginn. Och op der Weltbün.

Dofir steet d'CSV. Virun allem bei den nächsten Europawalen am Juni. Mir wäerten alles maachen, fir dass Europa seng Krisen an den nächste fënnef Joer hannert sech léisst. An dass d'Europäer an d'Lëtzebuerger erëm opootmen an duerchstarte kënnen.

**Den europäesche Way of Life zukunftsséscher maachen**

Nëmme mat engem staarken Europa kënne mir d'Leeschtunge vun der Nokrichszäit zukunftsséscher an zukunftsfäeg maachen. Nëmme mat engem staarken Europa kënne mir eisen europäesche Liewensstil nohalteg ofsécheren. Nëmme mat engem staarken Europa ass och Lëtzebuerg staark. An dat bleift esou.

D'Europawalen am Juni 2024 si souwuel eng Richtungs- wéi och Schicksalwal. Fir eise Kontinent. Fir eist Joerhonnert. Fir d'Land an d'Leit. Europapolitik ass méi wéi jee och Innepolitik.

D’CSV ass a bleift d’Europapartei vu Lëtzebuerg. D’Partei vum Pierre Werner, Jacques Santer a Jean-Claude Juncker. Op d’Vertraue vun de Wieler äntwere mir mat Resultater fir haut a Verantwortung fir muer. Am Interessi vun Europa. An am Interessi vu Lëtzebuerg.

## 1. E STAARKT EUROPA FIR ENG STAARK SÉCHERHEET

Fir d’éischte Kéier zanter dem Zweete Weltkrich ass e grousse Fläche-Krich an Europa. 35 Joer nom Fall vun der Berliner Mauer hu mir et mat enger geostrategescher „Zäitwend“ ze dinn. De russeschen Aggressiounskrich géint d’Ukrain bedrot direkt d’Sécherheet vum Westen, Europa an och vu Lëtzebuerg.

**Verdeedegungs-Unioun mat glafwierdeger Ofschreckung**
Fir d’CSV ass kloer: Europa muss sech aus senger sécherheetspolitescher Komfortzon erausbeweegen. D’Europäesch Unioun brauch eng richteg europäesch Verdeedegungspolitik iwwer eng verstäerkte Kooperatioun eraus.

Dëst erfuerdert eng glafwierdeg Ofschreckung vun Europa. Duerchaus mat Abezéie vun de franséischen Nuklearwaffen. A mat enger staarker Waffenindustrie. Lëtzebuerg muss méi strategesch a militäresch Verantwortung iwwerhuelen. Och an Europa.

**Staarken EU-Pilier bannent der NATO**
Mir plädéieren och fir d’Erneierung an d’Stäerkung vum Westen als Wäertgemeinschaft an enger Allianz vun den Demokratien. De Réckgrat dovun ass a bleift d’NATO an déi transatlantesch Allianz. Mat engem Europa op enger neier partnerschaftlecher Aenhéicht mat Amerika. Mat engem staarken EU-Pilier bannent der NATO, déi weiderhin onverzichtbar bleift. Mat engem Europa, dat d’Lektioune vun der Geschicht an eng praktesch Politik ëmsetzt. Mat engem Verdeedegungskommissär an der Kommissioun.

Och d’Geheimdéngschter vun Europa musse méi enk zesummeschaffen. Souwuel sécherheets- wéi och wirtschaftspolitesch. Den Informatiounsaustausch muss strukturéiert a verbessert ginn. Laangfristeg kann och e gemeinsamen europäesche Geheimdéngscht Sënn maachen.

## 2. E STAARKT EUROPA FIR ENG STAARK STËMM AN DER WELT

Europa muss d'Weltuerdnung vum 21. Joerhonnert weider matbestëmmen. Net nëmmen als Global Payer, mä och als Global Player. Dat funktionéiert nëmme mat enger verstäerkter europäescher Aussepolitik. Mat engem Europa, dat mat enger staarker Stëmm an der Welt schwätzt. Mat engem Europa als robust Wäertemuecht an enger Welt an Onrou.

**EU-Ausseminister a Verdeedegungskommissär**

Dëst funktionéiert nëmmen, wa mir d'Unanimitéit bei aussepoliteschen Entscheedungen opginn. Mir plädéieren och fir e Verdeedegungskommissär an der Kommissioun. Den héije Representant vun der Unioun fir Ausse- a Sécherheetspolitik soll zu engem europäeschen Ausseminister opgewäert ginn.

D'CSV setzt sech fir eng gemeinsam europäesch Aussepolitik mat klore strategesche Prioritéiten an Allianzen an. De Verlaf vun der europäescher Aussepolitik ass kloer: Zil ass eng multilateral Weltuerdnung. An deem Sënn striewe mir och eng Reform vun der UN un. Idealerweis mat engem EU-Sëtz am Weltsécherheetsrot.

**Transatlantesch Allianz bleift alternativlos**

Mir plädéiere fir en neit strategescht Gläichgewiicht vun de Wäerter an Interesse vun Europa. Déi éischt Prioritéit muss déi europäesch Peripherie sinn. Déi stäerkst Allianz ass a bleift déi transatlantesch mat de Vereenegte Staate vun Amerika. Wann néideg, muss Europa awer bereet sinn, seng Verdeegung eleng ze garantéieren.

**Kapabel am Noen Osten handelen**

Eng aner Prioritéit fir Europa muss de Krich am Noen Oste sinn. D'EU muss hei kënnen handlungsfäeg sinn a mat enger Stëmm schwätzen. Besonnesch wann een eng Zwee-Staate-Léisung ustrieft, ouni déi et keen nohaltege Fridde gëtt. Dëst kann nëmmen op der Plaz um Verhandlungsdësch erreecht ginn.

**China als strategesch Erausfuerderung**

China an de Pazifikraum si laangfristeg déi gréisste strategesch Erausfuerderunge vun Europa. Mir wëllen en oppenen Dialog mam Räich aus der Mëtt. Differenze mussen oppen ugeschwat ginn. Bezéiunge mussen op Géigesäitegkeet berouen. Mä mir sinn net naiv. De Screening vun auslänneschen Direktinvestitiounen (FDI) muss ëm eng Sécherheetsdimensioun erweidert ginn. Bei ëffentlechen Ausschreiwungen a Betribsiwwernam brauche mir méi Ressourcë fir eis Schutzinstrumenter. EU-Betriber musse besser géint onfair Konkurrenz geschützt ginn.

**Bezéiunge mat strategesche Partner ausbauen**
Mir wëllen och d'Relatioune mat de strategesche Partner vun der EU ausbauen. Virun allem mat Indien. Indien ass e strategesche Wäertepartner an der indopazifëscher Regioun. Mir ënnerstëtzen de geplangte Wirtschaftskorridor Indien-Noen Osten-Europa. Mir wëllen och mat Indien als Partner géint d'Attacke vun den Huthi-Rebelle virgoen. Och mat de Mercosur-Staaten, Australien, Japan a Kanada wëlle mir méi enk zesummeschaffen.

**Afrika als Zukunftskontinent stäerken**
Mat Afrika, dem Zukunftskontinent schlechthin, ass eng strategesch Kooperatioun unzestriewen. D'Empfänger-Geber-Relatioun tëscht Afrika an Europa muss zu enger strategescher Partnerschaft op Aenhéicht ginn.

## 3. E STAARKT EUROPA FIR ENG STAARK UKRAIN

Fir Europa ass den Aggressiounskrich vu Russland géint d'Ukrain e Lackmustest. Kuerzfristeg muss déi éischt aussepolitesch Prioritéit d'solidaresch Ënnerstëtzung vun der Ukrain sinn. Mir wäerten alles maachen, fir dass Russland säi Krich net gewënnt. Krich kann net méi laang eng Fortsetzung vun der Politik mat anere Mëttele sinn.

**Ongebrache Solidaritéit mat Kiew**
Eis Solidaritéit mat de Leit vun der Ukrain bleift ongebrach. Europa wäert der Ukrain sou laang wéi néideg zur Säit stoen. Mat oppenen Äerm fir Flüchtlingen. Mat generéiser finanzieller Ënnerstëtzung fir Investitiounen a Reformen. An och mat Waffeliwwerungen a Munitioun. Mir trieden och fir eng realistesch EU-Bäitrëttsperspektiv vun der Ukrain nom Enn vum Krich an.

**Rekonstruktioun nom Krich**
Nom Enn vum Ukrain Krich wëlle mir dozou bäidroen, d'Ukrain erëm opzebauen. Déi néideg Investitioune wäerten enorm sinn. Europa muss hei seng Verantwortung iwwerhuelen. En entspriechenden Investitiounsplang muss elo virbereet ginn.

## 4. E STAARKT EUROPA FIR ENG STAARK WIRTSCHAFT

Och wirtschaftspolitesch muss Europa strateegesch méi staark an onofhängeg ginn. D'CSV wëllt de Wirtschaftsstanduert Europa stäerken an ofsécheren. Virun allem géigeniwwer vu Russland. Awer och géintiwwer vu China an anere rivaliséierende Muechten. Net an der Ofkéier vun der Globaliséierung, mä mat engem fair organiséierten internationale Concours.

**Manner Bürokratie, méi Bereetschaft fir Risiken ze huelen**
D'Vollekswirtschaft vun Europa ass kompetitiv an der Welt. Trotzdeem muss eis Unioun nach u sech selwer schaffen. Mir wëlle manner Bürokratie a méi Risikobereetschaft. Dofir ënnerstëtze mir kloer den One-in-one-Out-Prinzip. Wann nei Belaaschtungen entscheet ginn, musse fréier Belaaschtunge reduzéiert ginn. Mir wëllen déi 25 Prozent Reduktioun vun der Bürokratie ëmsetzen, déi déi aktuell Kommissiounspresidentin ugekënnegt huet.

**Spezifesche Kommissär fir PMEen**
Mir fuerderen e spezifesche Kommissär fir kleng a mëttel Entreprisen (KMU/PME). Well déi eigentlech Modellfirme vun Europa si seng PMEen. Si beschäftegen ongeféier 100 Millioune Leit an eiser Unioun. Hinne gëllt och an den nächste Jore weiderhin eis speziell Ënnerstëtzung.

**Handwierk an technesch Beruffer stäerken**
Mir wëllen eis qualifizéiert Aarbechter besser ausbilde souwéi fir d'Handwierk an déi technesch Beruffer werben. An deem Sënn begréisse mir dem Mario Draghi säi Bericht iwwer d'Kompetitivitéit vun der EU.

Europa brauch eng nei Wirtschaftsstrategie. Eng Strategie, déi an déi véiert industriell Revolutioun an an déi digital Welt passt. An déi seng Defiziter – Stéchwuert nohalteg a sozial Liwwerketten an e Mangel u Matière première – resolut ugeet. Souwuel beim Natur- an Ëmweltschutz wéi och am soziale Secteur muss Europa international eng Pionéierroll iwwerhuelen.

**Produktiounsplaz an "European Champions"**
Europa muss eng Industrie- a Produktiounsplaz bleiwen. Souwuel vun innovativen Iddie wéi och vu Weltklass-Produiten. An deem Kontext ënnerstëtze mir eng nei Industriestrategie. Mir wëlle verhënneren, dass d'Betriber d'Produktioun an der EU opginn an Europa ofhängeg vu konkurréierenden Drëttlänner gëtt.

Mir wëlle verschidden EU-Texter méi geschäftsfrëndlech maachen. Virun allem d'Konkurrenzgesetz. Hei ginn europäesch Firmen oft benodeelegt. Mir wëllen nees Pionéierfirmen („European Champions") an Europa. Den Opbau vun dësen Europaen Champions brauch allerdéngs eng Bündelung vun Talenter souwéi industriell Méiglechkeeten, bei gläichzäiteger Fërderung vun onverzichtbare Privatinvestitiounen.

**Wuesstem vu Wuelstand a Wuelbefannen**
D'CSV setzt sech a fir en nohaltegen an inklusive Wuesstem vum Wuelstand a Wuelbefannen, och an Europa. De Stabilitéits- a Wuesstemspakt muss dowéinst béides leeschten: Wärungsstabilitéit a Wirtschaftswuesstem. A Richtung digital an ekologesch Transitioun. A mat Spillraum fir sozial Investitioune souwéi mat méi Effizienz beim

Asaz vu soziale Budgetsgelder. Europa brauch nei Investitioune souwéi eng nei Wuesstemsstrategie.

**Weider Pionéier am Finanzsecteur**
Lëtzebuerg lieft Europa Dag fir Dag. De lëtzebuergesche Finanzsecteur ass vun Natur aus international. E baséiert op europäesche Reegelen. Dës gi vum Europäesche Parlament matbestëmmt. Dës Reegelwierk schützt Clienten a kontrolléiert Fongen, Versécherungen a Banken. Mir wäerte weider dofir suergen, dass Europa déi néideg Spillreegelen huet, fir international matzemaachen. Mir wëllen als Kompetenzkontinent Pionéier bleiwen.

**EU Landwirtschaft bleift „choix de société“**
Eng zukunftsfäeg europäesch Landwirtschaft bleift fir d'CSV e „choix de société“. Och bei der Liewensmëttelsécherheet muss Europa strateegesch onofhängeg bleiwen. Dëst ass nëmme méiglech mat enger staarker Landwirtschaft, déi weltwäit kompetitiv an nohalteg ass. Soziales, Wirtschaft an Ëmwelt ginn dobäi Hand an Hand. Mir wäerten och eis Landwirtschaft an Europa nohalteg ofsécheren. A se net nach zousätzlech belaaschten.

**Innovativ Familljebetriber verstäerkt ënnerstëtzen**
Mir wëllen, dass sech eis Baueren op dat Wichtegst konzentréiere kënnen: d'landwirtschaftlech Produktioun. Och hei musse wéinstens 25 Prozent vun der Bürokratie reduzéiert ginn. Administrativ Schikane mussen der Vergaangenheet ugehéieren. Déi gemeinsam Agrarpolitik (GAP) soll verstäerkt innovativ Familljebetriber ënnerstëtzen a manner flächebaséiert sinn. EU-Sue musse bei aktive Baueren ukommen. Net bei Industrie-Entreprisen.

## 5. E STAARKT EUROPA FIR E STAARKE BANNEMAART

De Bannemaart ass net alles an Europa. Mä ouni de Bannemaart ass alles näischt. Dee gréissten integréierte Bannemaart op der Welt ass vu gréisster Bedeitung, ganz besonnesch fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg. D'CSV wëllt no méi wéi 30 Joer Erfollegsgeschicht de barrièrefräie Bannemaart laangfristeg ofsécheren a komplett maachen. Déi véier fundamental Fräiheete vum Bannemaart - fräie Verkéier vu Leit, fräie Wuereverkéier, fräie Verkéier vu Servicer a fräie Kapitalverkéier - si fir eis net verhandelbar. Virun allem de fräie Verkéier vu Leit.

**Bannemaart muss sech upassen**
Mä och de Bannemaart muss sech upassen. Mir wëllen d'Barrièrë fir d'Servicer weider reduzéieren. Mir wëllen d'Kapitalmaartunioun verdéiwen an d'Bankenunioun komplett maachen. Och wirtschafts- a finanzpolitesch muss Europa 25 Joer no der Aféierung vum Euro nach méi no zesumme kommen. Nëmmen esou kann Europa laangfristeg kompetitiv bleiwen.

Mir wäerte géint den digitale Geoblocking kämpfen. Besonnesch mat Applikatiounssoftware fir Smartphones. Europa muss hei nach méi konsumentefrëndlech ginn. Dat ass besonnesch wichteg fir klenge Memberstaat wéi Lëtzebuerg.

**Oppen Handelspolitik an der EU**
Mir ënnerstëtzen och an Zukunft eng oppen Handelspolitik fir d'Europäesch Unioun. Europa ka mat fairen ausgehandelten Handelsaccorden - zum Beispill mat Australien, Mexiko oder Mercosur - seng Handelsmuecht notzen, fir europäesch Interessen a Wäerter, awer och fir ekologesch a sozial Normen ze fërderen.

Mat engem multilateralen Handelssystem wäert d'Globaliséierung méi gerecht a méi nohalteg ginn. Gläichzäiteg mussen eis sensibel Secteuren - besonnesch d'Landwirtschaft, Start-ups an de Kultursecteur - mat den néidegen Noutbremse geschützt ginn.

## 6. E STAARKT EUROPA FIR E STAARKE SOZIALMODELL

Den europäesche Sozialmodell ass eng vun de gréisste Stäerkte vun Europa. Mir wëllen den europäesche Sozialmodell weider ausbauen a stäerken. Fir d'CSV ass dat souwuel eng Fro vu sozialer Iwwerzeegung wéi och ëm d'Kompetitivitéit vun eiser Unioun. An deem Sënn wëlle mir déi nohalteg sozial Maartwirtschaft – eng chrëschtdemokratesch Erfindung – weider ausbauen. Dat soziaalt Europa muss e globale Liichtbléck bleiwen.

**Stäerkung vun den europäesche Mëttelschichten**
Zentral fir de soziale Fridden ass d'sozial Kohäsioun. Mir wëllen dës Kohäsioun stäerken. Mat Prioritéit fir déi an eiser Gesellschaft, déi am vulnerabelste sinn. A mat enger Stäerkung vun der Kafkraaft vun der europäescher Mëttelschicht. Besonnesch virum Hannergrond vu steigende Wunn- a Liewenskäschten. Europa ass nëmmen esou staark wéi seng Mëtt. Dëst däerf net zerbriechen.

**Schéier tëschen Aarm a Räich zesummebréngen**
Mir wëllen déi ëmmer méi grouss Spalt tëscht Räich an Aarm erëm zesummebréngen. Aarmut am Allgemengen an Altersaarmut besonnesch passe weeder zu Europa nach zu Lëtzebuerg.

**Sail vun de soziale Rechte stäerken**
Den europäesche Pilier vun de soziale Rechter – eng laangjäreg CSV-Fuerderung – muss weider gestäerkt a gesetzlech bindend gemaach ginn. Fir gutt a sécher Aarbechtsplazen. Fir sozial Inklusioun a Chancëgläichheet. Fir méi Solidaritéit tëscht de Generatiounen.

D'CSV wëllt dat soziaalt Europa weiderbréngen. D'Direktiv iwwer en ugepasste Mindestloun ass e gudden éischte Schrëtt. Méi musse kommen. Virun allem muss den europäesche Sozialdialog ausgebaut ginn. Mëttelfristeg wëlle mir Europa zu enger Sozialunioun entwéckelen a géint de Sozialdumping handelen. Dat ass och am Interessi vun de Bierger, wéi rezent Ëmfroe weisen.

**Méi krisefest a Gesondheetsfroen**

Europa muss och méi krisebestänneg ginn, wann et ëm Gesondheetsfroe geet. D'Covid Pandemie huet gewisen, dass nëmmen e funktionéierend Europa déi grouss Erausfuerderunge vun haut iwwerwanne kann. Mir plädéiere fir en Europa, dat d'Krise vun der Zukunft besser antizipéiert. En Europa, dat besser preparéiert ass. Am Bewosstsinn, dass all regional Kris an enger vernetzter Welt séier global ka ginn. An dass déi strateegesch Autonomie an der Welt vu muer essenziell ass.

D'Europäesch Unioun an d'Memberstaate mussen hei méi enk zesummeschaffen. Och hei wëlle mir déi global Gesondheetsstrategie – d'Health Union – weider ausbauen. Wat entscheedend ass, ass de politesche Wëllen, fir ze kooperéieren. Virun allem an der Grenz- a Groussregioun. Net nëmmen a Krisenzäiten. Och am Kampf géint Kriibs oder a punkto Medikamente-Strategie. Och hei muss Europa méi onofhängeg ginn. Dësem muss och adäquat Rechnung gedroe ginn am nächste méijärege Finanzkader (MFF).

## 7. E STAARKT EUROPA FIR ENG STAARK DIGITAL UNIOUN

Mir wëllen Europa zu enger Digitalmuecht bei Schlësseltechnologien ausbauen. Virun allem an den digitale Wandel vun Europa an a seng Cybersécherheet muss vill méi investéiert ginn. An éischter Linn an d'digital Infrastruktur an an d'Schafung vun engem innovativem Ëmfeld. Dobäi wëlle mir och op déi positiv Erfarunge vum Juncker-Plang opbauen.

**Leadership bei Kënstlecher Intelligenz**

Europa huet dat éischt KI-Gesetz an der Geschicht gestëmmt. Elo muss et och eng strategesch Leadership-Roll a Saache Kënstlecher Intelligenz (KI) iwwerhuelen. Dofir muss Europa seng Kräften zesummenhuelen.

Mir wëlle KI méi staark fërderen- Mir wëlle KI prett fir de Marché maachen. Gläichzäiteg wäerte mir sécherstellen, dass KI am Interessi vun de Mënsche funktionéiert an och sécher bleift. Mir si fir een entspriechende globalen Dialog a Saache Mindeststandarden.

Och an der Quanten-Technik gesi mir grousst Potenzial fir Europa. Mir striewen hei een eegent europäescht Quanten-Ökosystem un. Mat koordinéierte Fuerschungs- a

Finanzéierungsbeméiunge wëlle mir eng zolidd industriell Basis souwéi eng Quanten-Computer-Infrastruktur an Europa opbauen.

**Digitalen Zukunftsstanduert Lëtzebuerg**
Och zu Lëtzebuerg wëlle mir Zukunftstechnologie verstäerkt usidelen. Mir wëllen iwwert d'Grenzen eraus mat eise Partner an der Groussregioun den Net Zero Industry Act notzen, fir eis Wirtschaft nohalteg an zukunftsorientéiert opzestellen. Mat gënschtege Bedéngunge fir méi Investitiounen a propper Netto-Null-Technologien.

## 8. E STAARKT EUROPA FIR E STAARKEN INNOVATIOUNS-STANDUERT

Europa ass e Kontinent mat wéinege Rohstoffer. Eise wichtegste Rohstoff sinn Innovatioun an Imaginatioun, Fuerschung a Bildung, Entrepreneur- a Pionéiergeescht. D'Europa vun der Zukunft muss de Fortschrëtt nees matbestëmmen. D'Green Valleys vum Net Zero Industry Act musse schnell Wierklechkeet ginn. Mir wëllen d'Ziler vum Green Deal mat eegener Kraaft erreechen. An eis der strateegescher Ofhängegkeet vu China an anere Länner nohalteg entzéien.

A Saachen Innovatioun a Schlësseltechnologie muss Europa weider zur Weltklass ginn. Mir wëllen de Fuerschungs- a Bildungsstanduert Europa stäerken, ausbauen a schützen. Och duerch steierlech Ureizer. Mir wëllen déi beschte Kapp nees an Europa bréngen. An do och laangfristeg halen.

**Richtungsweisend Weltklass-Universitéiten**
D'Universitéit kënnt aus Europa. Mä mir hunn den Uschloss un d'Weltspëtzt verluer. Dat muss sech änneren. Europa brauch méi richtungsweisend Weltklass-Universitéiten. D'Zukunft muss och an Europa erduecht an erfuerscht ginn.

**Austauschprogrammer an Europa-Coursen**
Mir wëllen d'Universitéiten an Europa an d'Schoulen am europäesche Bildungsraum besser vernetzen. Déi erfollegräich Austauschprogrammer wéi z.B. Erasmus+ ginn ausgebaut.

Mir stinn dës Weidere fir méi identitéitsstëftend Europa-Coursen an eise Schoulen an. Et gëtt keng Zukunft fir Europa ouni e staarkt kollektiivt kulturellt Gediechtnes vun den Europäer.

## 9. E STAARKT EUROPA FIR E STAARKE KLIMASCHUTZ

Europa muss beim Klimaschutz eng Féierungsroll iwwerhuelen. Mir däerfen de globale Klima-Leadership net aneren iwwerloossen. D'CSV ënnerstëtzt d'Gesamtvisioun vun engem Europäesche Green Deal. Souwuel als Klima-, Ëmwelt a Biodiversitéitsschutz-Deal wéi och als Chance fir nohaltege Wuesstum a Wuelstand.

**Virreiderroll fir Klimaneutralitéit**
Mir stinn zu de Klimaziler vu Paräis. Och aus Solidaritéit mat de kommende Generatiounen. Bis 2050 muss Europa klimaneutral ginn. Et bleift nach vill ze maachen. Mir ënnerstëtzen d'Strategie vum Europäesche Green Deal. An och déi bestoend EU-Initiative wéi Fit for 55, Net Zero Industry Act a Zero Pollution. Lëtzebuerg soll bei dësen Initiativen eng Virreiderroll spillen an net nëmme Projeten aus dem Ausland ënnerstëtzen. Dëst souwuel beim Klimaschutz wéi och a Saachen Natur- an Ëmweltschutz souwéi beim Erhalt vun der Biodiversitéit.

**Sozial gerecht an onverkrampft**
Mir sti fir e käschteneffizienten, sozial ausgeglachenen a gerechte Klimaschutz, bei deem jidderee matmaache kann a wëll. Nëmmen esou gëtt e vun de Bierger ënnerstëtzt.

Mir wëlle Klimaschutz onverkrampft ugoen. Angscht ass kee gudde Beroder, Angschtmaacherei déi falsch Method. Mir wëllen d'Mënsche mat Ureizer iwwerzeegen. Eis wäert den dréngend noutwendege Klimaschutz nëmme geléngen, wa Klimaschutz positiv besetzt ass a positiv ugesi gëtt. A wann en sech och fir Bierger a Betriber rechent.

Mir wëlle Klimaschutz dofir och wirtschaftspolitesch ëmsetzen. Mat der Weiderentwécklung och zu enger wirtschaftlecher Agenda. Mir wëllen d'Potenzial vum ökologesche Wandel besser notzen. Europa muss an de gréngen Industrie vu muer féierend sinn.

**Energiewend an Ausbau vun erneierbaren Energien**
D'CSV wäert resolut op méi Kreeslafwirtschaft an nohalteg Energieproduktioun setzen. Mir wëllen eng ambitiéis a realistesch Energiewend. Mir sti fir de konsequenten Ausbau vun erneierbaren Energien. Nieft Wandkraaft a Fotovoltaik muss zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun och d'Waasserstoffproduktioun virugedriwwe ginn. Mir wäerten d'Industrie geziilt bei der Dekarboniséierung ënnerstëtzen. Och de Wandkraaft-Pak vun der Kommissioun fënnt eis Ënnerstëtzung.

Europa muss verstäerkt an d'Entwécklung vun nohaltege Batteriesystemer an Elektroautoen investéieren. Och fir geopolitesch Ofhängegkeet ze reduzéieren. Gläichzäiteg wëlle Mir d'europäesch Waasserstofftechnologie geziilt fërderen. Zum Beispill mat Ureizer fir Investitiounen a proppere Waasserstoff. D'Zukunft vun der Clean-Tech-Industrie muss och an Europa leien.

## 10. E STAARKT EUROPA FIR E STAARKE RECHTSSTAAT

Europa muss seng Bierger schützen. Och dat eng Fro vum Vertrauen. D'CSV trëtt fir e sech schützende Rechtsstaat an. De luesen Ofbau vum Rechtsstaat ass den direkte Wee an den Autoritarismus. Dat musse mir och bannent der Unioun verhënneren. Fräiheet a Sécherheet si fir eis zwou Säite vun enger rechtsstaatlecher Medail.

**Ausbau vum Schengen-Kontrollsystem**

Kriminell Vereenegunge funktionéieren oft iwwert d'Grenzen ewech. Eng effizient europäesch Sécherheetspolitik muss hei nozéien. Mir wëllen dofir d'Zesummenaarbecht an der Sécherheets- a Justiz-Politik weider verstäerken an ausbauen.

Mir wëllen dernieft d'Schengen-Kontrollsystem weider ausbauen. D'Kontrollinstrumenter an déi biometresch Datebank Eurodac wëlle mir effizient gestalten. Mir stinn zudeem fir de Schengen-Bäitrëtt vu Bulgarien a Rumänien.

Och d'Aufgab vum Europäesche Parquet, deen sech zu Lëtzebuerg befënnt, wëlle mir ausweiden. Dës Institutioun ass e weesentlechen Deel vun der europäescher Rechtsuerdnung.

**Migratioun: mat Häerz a Verstand**

D'CSV steet zum Grondrecht op Asyl. Fir eng Migratiounspolitik mat Häerz a Verstand. Europa muss och an Zukunft en oppene Kontinent fir de Refuge bleiwen. Mä d'Migratiounskris kann nëmmen am europäesche Kader bewältegt ginn a muss am Kontext vum Rechtsstaat stattfannen. Mir brauchen heifir eng kloer Migratiounsstrategie.

Mir schwätzen eis géint eng Festung Europa aus. Gläichermoosse brauche mir e gutt funktionéierende Grenzschutz, deen awer human bleiwe muss. Mir wëlle Frontex weider stäerken an de Grenzmanagement verbesseren. Dat onmënschlecht Geschäft vun de Passeure wäerte mir bekämpfen.

**Solidaresch Reform vun Dublin III**

D'CSV favoriséiert e plus eng solidaresch Reform vum Dublin-III-System. Mir wëlle gemeinsam Mindestsockel a Saache Sozialhëllef. Bei der Finanzéierung a Relokalisatioun muss d'Solidaritéit vun alle Länner matspillen.

Mir ënnerstëtzen dee jéngst adoptéierten europäesche Migratiouns- an Asylpak. Opnam, Verwaltung a Verdeelung vun irregulär ukommende Migrante wäerten esou nei definéiert ginn. Mat eendeitegen Normen a méi Solidaritéit mat de Frontstaaten.

**Legal Awanderung mat klore Reegelen**
Eis Unioun brauch gläichzäiteg op legal Awanderung mat klore Reegelen. Grad an Zäite vu Fachkräftemangel wëlle mir dëst vereinfachen.

Ieweschт Zil muss sinn, d'Migratiounsphänomen un der Wuerzel unzepaken. D'Bekämpfung vu globaler Aarmut, Diktatur, politescher Verfollgung a Klimawandel gehéieren zu de nobelsten Aufgabe vun Europa.

## 11. E STAARKT EUROPA FIR E STAARKT MATENEEN

Dat éischt Mateneen erliewen d'Mënschen an hire Familljen. Mir wëllen d'Familljen an Europa stäerken. Op an Europa wäerte mir eis fir eng Verbesserung vun der Work-Family-Balance asetzen. Nëmmen ee famill- a kannerfrëndlecht Europa ass e staarkt Europa. Eis Unioun kann hei den Alldag vun de Bierger spierbar erliichteren. Europa muss hei eng Virreiderroll iwwerhuelen. D'EU-Gesetzgebung muss ëmgesat an erweidert ginn.

**„Wie méi wëll, mécht méi"**
E staarkt Mateneen erfuerdert och staark Institutiounen. Staark sinn d'Institutiounen an Europa nëmmen, wann si vun de Bierger gedroen a verstane ginn. Dofir wëlle mir d'EU-Institutioune reforméieren, vereinfachen an effizient gestalten. Récksiichtsvoll a pragmatesch. Ouni an eng lämend Debatt tëscht Experten eranzekommen. De vermeindleche Widdersproch zwëschent Verdéiwung an Erweiderung wëlle mir pragmatesch opléisen.

Och eng Unioun mat méi wéi 30 Memberstaate muss handlungsfäeg bleiwen. De Prinzip vun der Eestëmmegkeet dierf net méi d'Reegel, e muss d'Ausnam sinn. Mir sti fir d'Iddi vun engem oppene Käreuopa. Mir wäerten déi verstäerkten Zesummenaarbecht am Sënn vum drëtte Juncker-Zenario „Wie méi wëll, mécht méi" virundreiwen. Nëmmen esou wäert Europa am Interessi vu senge Bierger viruschreiden.

**Manner Bürokratie, méi Benotzerfrëndlechkeet**
Europa a seng Institutioune mussen d'Mënschen iwwerzeegen. Mat Pragmatismus a konkreeter Politik. Mat enger Politik, déi d'Sprooch vun de Leit schwätzt. An hir Ängschten a Suergen an Zäite vun enger Globaliséierung, déi sech ëmmer méi schnell entwéckelt, eescht hëlt. Nëmmen esou wäerte mir mëttelfristeg Populismus an Extremismus iwwerwannen. Allgemeng sti mir fir en Ofbau vun der Bürokratie an Europa. Manner ass hei méi. Eis Unioun muss méi „benotzerfrëndlech" ginn.

Zentral fir dat europäescht Matenee sinn zwee Grondprinzippien: Solidaritéit a Subsidiaritéit. Mir wëlle méi Solidaritéit zwëschent de Memberstaaten. Natierlech dierf dës keng Eenbunnstrooss ginn. Gläichzäiteg muss Europa méi subsidiaresch sinn. All Entscheedungsniveau soll dat maachen. wat en am beschte kann. An all Entscheedung soll esou no wéi méiglech beim Bierger bleiwen.

**EU-Erweiderung: Grëndlechkeet viru Schnellegkeet**
D'Europäesch Unioun ass keen ofgeschlosse Projet. Si wiisst no bannen an no baussen. Mir wäerten an de kommende Joren den Erweiderungsprozess virundreiwen. Grëndlechkeet geet hei viru Schnellegkeet. Gläichzäiteg mussen d'Länner vum Westbalkan souwéi d'Republik Moldau eng zäitno Perspektiv fir e Bäitrëtt kréien. Och d'Ukrain gesi mir mëttelfristeg als EU-Memberstaat.

Fir d'Tierkei gëtt et zur Zäit allerdéngs keng Perspektiv fir e Bäitrëtt. Amplaz Betribsverhandlungen, déi op Äis geluecht sinn, fiktiv oprecht ze erhalen, musse mir nei Verträg verhandelen. Mir wëllen eis Bezéiunge mat Ankara op eng realistesch a gesond Basis stellen. Eis Bäitrëtts-Ustrengunge solle fir déi Länner gëllen, an deenen d'Bierger a Politiker tatsächlech eng Plaz an der EU, no de Reegele vun der Gemeinschaft, wëllen.

**Groussregioun an national Parlamenter stäerken**
D'Matenee fënnt och an eiser Groussregioun statt. Grad am Regionale kënnen d'Resultater méi schnell geliwwert ginn. Mir wäerten d'grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht méi staark färderen. Zum Beispill fir eng Léisung vum Pfandsystem bei Gedrénksbecheren oder den territoriale Vertriibsnetzer ze fannen. Och bei enger méiglecher neier Pandemie mussen d'Grenze vun der Groussregioun op bleiwen.

**Afloss-Méiglechkeete vun der Chamber besser notzen**
Déi national Parlamenter solle méi staark abezu ginn. Nëmmen esou wäerte mir méi Akzeptanz bei de Bierger areechen. Schliisslech gëtt e Groussdeel vun der nationaler Gesetzgebung vu Bréissel matbestëmmt. Schonn haut hunn déi national Parlamenter d'Méiglechkeet, groussen Afloss op d'EU-Gesetzgebung ze huelen. Dës Méiglechkeet wëlle mir besser an der Chamber notzen.

**Europa-Haaptstad Lëtzebuerg stäerken**
Doriwwer eraus wäerte mir Lëtzebuerg als Europa-Haaptstad a Sëtz vu villen EU-Institutioune stäerken. Mat méi attraktive Konditioune fir EU-Ugestallter. Virun allem a Saache Liewenshaltung- a Wunnengskäschten.

## 12. E STAARKT EUROPA FIR ENG STAARK WÄERTEMUECHT

Europa huet eng laang Geschicht. Den Ale Kontinent verfüügt iwwer een eenzegaartege Kultur-Mosaik. D'sozial Maartwirtschaft an de Bannemarché sinn Erfollegsgeschichten. Den europäesche Rechtsstaat a Sozialmodell si Liichtblécker fir d'Welt. Trotzdeem huet d'Wäertemuecht Europa u Glanz an Afloss verluer.

**Déi europäesch Wäerter liewen a verteidegen**

Mir wëllen déi europäesch Wäerter selwer liewen an no bausse verteidegen. Nëmmen esou wäerte mir Europa vu bannen eraus stäerken. Nëmmen esou wäert Europa no bausse blénken. Ouni déi fréier Iwwerhieflechkeet. Awer mat engem inklusive Selbstbewosstsinn.

Konkreet wëlle mir déi europäesch Konscht a Kultur opwäerten. Europa ass méi wéi e Bannemarché. Et ass virun allem eng Wäertegemeinschaft. Eng Gemeinschaft vun Iddien an Identitéiten. D'CSV steet an dësem Sënn fir Projeten, déi den Zesummenhalt fërderen. Och an der gesellschaftlecher Breet.

**Kultur ass Zukunft**

Mir sti fir en Europa vun der Eenheet an der Villfalt. Fir en inklusiven Identitéits-Mosaik vu Regiounen an Natiounen, Sproochen a Kulturen. Fir Europa och als globaalt Heemechtsgefill. Zesumme mat eisen Nationalstaaten.

Europa huet och kulturell eng grouss Zukunft. Mir wäerten et net zouloossen, dass et zu engem Fräiliichtmusée gëtt. Och landschaftlech huet Europa vill ze bidden. Mir gesinn hei nach grousst Potenzial fir d'europäesch Tourismusbranche. Virun allem fir de Kultur-Tourismus. Och fir Lëtzebuerg an eis Groussregioun gesi mir hei nach Potenzial fir ze wuessen.

## E STAARKT EUROPA FIR ENG SÉCHER ZUKUNFT

Europa ass e Kand vun der Hoffnung. D'Hoffnung op en dauerhafte Fridden an e bessert Muer nom Zweete Weltkrich. Net einfach aus Zweckoptimismus eraus, mä opgebaut um Glawen un e positiivt Mënschen- a Weltbild.

D'CSV steet zu dësem positive Mënschen- a Weltbild, dat och chrëschtlech Wuerzelen huet. Duerchaus realistesch, awer grad dowéinst och zouversiichtlech. Dat Bescht kënnt eréischt. Zweckoptimismus an historesche Fatalismus sinn net eis Saach. Mir gleewen un a schaffe fir eng besser Zukunft.

**Polykris als Zukunfts-Chance**
Déi géigewäerteg Polykris muss als Zukunfts-Chance genotzt ginn.

Mat engem Europa, dat sech gläichzäiteg erneieren an op seng Kär-Kompetenze konzentréiere muss. Op Fridden a Sécherheet, Fräiheet a Gerechtegkeet, Rechtsstaat an Demokratie, Wuelstand a Solidaritéit. Virun allem awer op all eenzele Mënsch. Op säin Alldagswuel an de Bien commun vu jidderengem.

Europa muss d'Mënsche méi staark mat wirtschaftlechen a soziale Resultater am Alldag iwwerzeegen. Expert-Debatten a Bürokratie bréngen eis net weider. Am Géigendeel.

**Europa muss begeeschteren**
Virun allem muss Europa begeeschteren an eng Häerzenssaach sinn. Innerhalb an ausserhalb vum ale Kontinent. Europa muss eng Wëllensgemeinschaft bleiwen an däerf net zu enger blousser Zweckgemeinschaft ginn. Grad fir jonk Leit. Europa kann hei vill vun den Erzielunge vun de Nationalstaate léieren.

Europa ass fir eis Hierkonft, Heemecht, Zukunft. Europa, Natioun a Regioun ginn Hand an Hand. Eist Land ass ouni Europa ondenkbar. Vun eiser Zukunft guer net ze schwätzen.

**E bessert Europa fir all eenzele Mënsch**
Fir eis Europa eng Visioun vum Méiglechen. Eng mënschegerecht Zukunft. E realistescht Verspriechen. Eng begrënnten Hoffnung. Net nëmme fir Europäer. Virun allem awer eng politesch Wierklechkeet vun haut.

Mir wëllen en erneierten Europa-Elan. En Europa mat Häerz a Verstand. Mat Hard- a Softpower. E bessert Europa fir all eenzele Mënsch. Mat Ofsécherung no bannen. Mat Ausstralung an d'Welt.

Déi nei Welt brauch e staarkt Europa. Mat neier Zouversiicht.

E staarkt Europa fir eng sécher Zukunft.

Mir sinn dozou bereet.